



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här  
Ekonomieminister an d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

Déi héich Inflatoun bedeit fir d'Bierger allgemeng e substantielle Kafkraftverloscht. Nieft dem  
Verzicht ginn d'Leit a verschiddene Länner vun der Eurozon awer och ëmmer méi dacks mat  
existenzielle Froe konfrontéiert. A Frankräich huet d'Zuel vu Privatleit déi den Obligatiounen aus  
hire Prêten net méi nokomme kënnen de leschte Mount ëm 30 Prozent par Rapport zum Juli  
2021 zougeholl. An Däitschland rechent de Verband vun de Spuerkeesen domat, datt geschwë  
60 Prozent vun de Leit guer näischt méi spueren an domat och keng Reserven fir kuerzfristeg  
net geplangt Ausgabe méi opbaue kënnen.

An deem Zesammenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi d'Entwécklung vun der Ausfallquot  
vu private Scholden zu Lëtzebuerg pro Mount iwwer d'Joren 2018 bis 2022 (Juli  
inclus) dokumentéiert?
- 2) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi, déi duerchschnëttlech Spuerquot  
vun de Lëtzebuerger Stéit iwwer d'Joren 2018 bis 2021 dokumentéiert a  
preziséieren, wéi héich jee weils den Undeel vun deene Stéit war, déi guer keng Sue  
méi op d'Säit leeë konnten?
- 3) Mëttelfristeg kann eng méi geréng Spuerquot sech och negativ op d'Vefügbarkeet  
vu Kapital an domat d'Investitiounsméiglechkeete vun de Betriber auswierken. Kann  
d'Regierung eng Tabell presentéieren déi d'Entwécklung vun der Gesamtpuerquot  
vun eiser Economie a Relatioun zum PIB fir d'Joren 2010 bis 2021 dokumentéiert a  
preziséieren vu wéi engen Erwaardungen si opgrond vun der aktueller Kris fir d'Joren  
2022-2025 ausgeet?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser  
Deputéierten

Roy Reding  
Deputéierten